Gesellschaftkris

Roman fir Erwuessener vum Roland Meyer

VUM JEFF BADEN

Roland Meyer: „Muedebëtzeg“, Op der Lay, 224 Säiten, Roman, Lëtzebuergesch, ISBN 978-2-87967-178-9, 14,90 Euro.

De Roland Meyer (Jg. 1963), vu Beruff Schoulmeeschter, kenne vill Lieser sécherlech éischter als Kanner- oder Jugendbuchautor, och wann hien dernieft ë. a. Kabaretstexter fir Erwuessener geschriwwen huet. Säin neie Roman „Muedebëtzeg“ ass e literarescht, staark gesellschaftskritescht Buch a riicht sech vun der Thematik hier eendeiteg un Erwuessener.

Dem Paul säi berufflecht Liewen als erfollegräichen Architekt spillt sech tëscht Lëtzebuerg a Cannes of. Et ass mëttlerweil nach haaptsächlech Routine a sengem Alldag a mat 52 Joer léisst hie säi Liewe mam Laura, ganz kritesch Revue passéieren. Vill Opreegendes bleift do leider net méi, wier do net déi sexuell spannend Relatioun mat der attraktiver Architektin Isabel, dat 30 Joer méi jonk wéi de Paul ass. Dëst Verhältnes schéngt déi ongläich Këppelchen z'arrangéieren, mee féiert dozou, datt sech de Paul nach méi vu senger Fra entfriemt, bis en op eemol gewuer gëtt, datt d'Laura Broschtkriibs huet. Vun deem Ament gëtt et him ëmmer méi kloer, datt säi ganzt Liewe bis ewell „muedebëtzeg“ war... Dem Roland Meyer säi Roman ass erzieleresch ganz interessant opgebaut an huet eng zirkulär Struktur – zum Schluss geet de Krees mat der Ufankszeen zou. Déi eenzel Personnagen, haaptsächlech gesellschaftlech Aussesäiter resp. Randexistenzen, déi mam Liewen net eens ginn, léiere sech no an no kennen an et entsteet dobäi e spannend Bezéiungsgeflecht. An hiren eigentlech banale Liewensgeschichte läit eng déif Alldagstragik, déi awer op eng lakonesch Manéier – wann och sproochlech heiansdo zimlech drastesch – just beschriwwe gëtt. Dialoger oder eng mënschlech-authentesch Kommunikatioun tëscht den, a sech selwer gefaangenen, isoléierte Personnagë gëtt et net. Doduerch entsteet eng bedréckend Atmosphär, eng Zort existenzialisteschen „Huis clos“.

„Ofhängegkeet“ ënner verschiddenste Formen spillt eng Schlësselroll bei der Sich vun de Personnagen no engem Liewenssënn, ganz däitlech gëtt dat an där exklusiv sexuell-intensiver Relatioun tëscht dem Paul an dem Isabel, déi ëmmer erëm iwwert dee Wee zesummekommen, ouni sech awer mënschlech wierklech méi no ze kommen...

Keen einfacht Buch deemno, wat vill Froen, existenzieller wéi gesellschaftlecher, opwäerft an de Lieser sécherlech net kal léisst...

Empfehlung / Recommandation: